M. le Président.- Merci dem Här Spautz. Da kritt den Här Berger d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Och eng kuerz Stellungnahm vu menger Fraktioun. Ech mengen, den Här Camille Gira huet gesot, et soll net onbedéngt iwwert de Fong vun der Saach diskutéiert ginn. Ech wéilt awer vläicht ee Saz dozou soen, well dat mech dann och op meng Konklusioune féiert.

Ech mengen, dat Ganzt situéiert sech am Kader vun eisen Efforten am Klimaschutz. Mir hunn och virun e puer Wochen hei en Débat gehat iwwert d'Energiewend, déi mer brauchen. Mir hu lëtzebuergesch Ziler: minus 28%. A fir eis ass et kloer, datt eigentlech déi Effortë musse prioritär hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn, an datt d'Regierung awer - dat gesi mer - haaptsächlech de Gros vun de Reduktiounen am CO_2-Beräich nach ëmmer doduerch mécht, datt se am Ausland akaf ginn.

Mir hunn déi Beispiller: Dräi Wandmille gi fir iwwer 30 Milliounen a China finanzéiert; Estland, do gi mer 30 Milliounen investéieren, fir datt dohannen an Estland dann Haiser sanéiert ginn. Mir mengen, datt dat dee falsche Wee ass, datt mer déi Suen, zum Beispill déi 30 Milliounen, sollten huelen an hei zu Lëtzebuerg Haiser assainéieren, mat Modeller a Klimabank an esou weider. Dat wiere Chancë fir Lëtzebuerg am Beräich Klimaschutz. Dat wieren och Chancë fir d'Leit hei. Dat wiere Chancë fir d'Betriber hei zu Lëtzebuerg. Déi wiere gradesou frou iwwert déi 30 Milliounen wéi d'Betriber an Estland.

Bon, egal wéi, mir hunn eben d'Situatioun, datt d'Regierung net wëllt oder nach net op dee Wee gaangen ass, an datt eng Rei Projeten am Ausland gemaach ginn, respektiv datt mer eis am Ausland zum gréissten Deel fräikafen. D'Chiffere situéiere sech pro Joer - dat muss een och emol eng Kéier soen - zwëschen 90 an 100 Milliounen - dat ware meng lescht Informatiounen -, déi mer also an d'Ausland investéieren, amplaz hei zu Lëtzebuerg déi Suen un eis Betriber, un eis Leit hei ze investéieren.

An dann ass et awer kloer, wann een esou vill Suen investéiert, da muss awer do komplett Transparenz spillen, besonnesch an esou engem Dossier. Ech mengen, et ass esou, datt d'Regierung jo och eng Rei Suen zum Beispill an déi „carbon funds" investéiert, wou een dann awer net genau op där anerer Säit weess: Wat fir eng Projete gi gemaach? Wéi gesinn déi Projeten aus? Wéi vill brénge se och ënnert dem Stréch fir de reelle Klimaschutz?

Mir hätten also och gären, datt hei op alle Fall eng komplett Transparenz muss spillen. Ëmsou méi och - an dat ass dat, wou ech mech och nëmme kann dem Déposant vun der Motioun uschléissen -, wou et och de Prinzip gëtt, datt d'Chamber, déi jo de Budget stëmmt, déi d'Sue jo eigentlech stëmmt, déi d'Regierung da kann am Ausland ausginn, datt mir also e Recht hunn als Chamber,…

M. le Président.- Här Berger.

M. Eugène Berger *(DP)*.- …datt mir d'Kontroll iwwert déi Suen hunn, datt mir zu all Moment och eventuell kënne soen: „Neen, dat do, domadder si mer net mat d'accord." Einfach fir dann ze soen, datt mer dës Motioun op alle Fall voll ënnerstëtzen a se och wäerte stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Berger. An d'Wuert huet elo och nach den Här Gibéryen gefrot.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Et war am Fong net virgesinn, datt och ee vun eis zu dëser Motioun d'Wuert ergräift, well mir am Fong der Meenung waren, datt et eng Selbstverständlechkeet wier, datt dëst Parlament esou eng Motioun géif eestëmmeg an ouni vill Diskussioun stëmmen, well et nämlech eng Selbstverständlechkeet ass, datt engem Parlament seng éischt Fonctioun ass, eng Regierung ze kontrolléieren. An e Parlament, dat ass d'Vollek. A wa mer sollen eng Regierung kontrolléieren, wann d'Vollek eng Regierung soll kontrolléieren, dann heescht dat nun eemol ebe ganz einfach: Transparenz, an datt alles muss bekannt sinn.

Wéi ech den Här Spautz elo grad hei héieren hunn, dunn hunn ech geduecht: Wou lieft den Här Spautz, fir ze soen: „Ma, an der Kommissioun si jo..."?

Une voix.- Am CSV-Stat!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Am CSV-Stat. Zu Schëffleng. Wéi den Här Spautz gesot huet: „Ma, déi Chiffere si jo an der Kommissioun genannt ginn..." Also, wann ech da Chifferen an enger Kommissioun nennen, ech mengen, da kann ech se och hei am Parlament nennen. Well et ass jo awer kee Geheimdokument, an e Stat schléisst och keng Geheimdokumenter of.

Ech mengen, den Här Paul-Henri Meyers dohannen als gudde Jurist, dee kann dat certifiéieren, datt e Stat iwwerhaapt keng Geheimdokumenter däerf ofschléissen. Dat heescht, alles, wat de Stat aushandelt, muss public sinn. An duerfir versti mer net, datt grad an esou engem Domän wéi deem heiten eng Majoritéit hei refuséiert, fir een négociéierte Vertrag..., datt deen net däerf public ginn, datt deen net dem Parlament an der Öffentlechkeet zougänglech gemaach gëtt. Dat ass e Skandal!

Duerfir hunn ech gesot, ech konnt mer iwwerhaapt net virstellen, datt hei eng Diskussioun wier, fir esou eng Motioun ze refuséieren. A grad an engem Domän, deen och nach politesch brisant ass, wou awer net onëmstridden ass hei am Land, datt mer als Regierung eng falsch Politik maachen, andeem datt mer d'Emissiounswäerter akafe ginn an d'Ausland an domadder zeg Milliounen - et gëtt vun 100 Milliounen d'Joer geschwat - an d'Ausland investéiere ginn, déi eiser nationaler Ekonomie verluer ginn, a wou vläicht net alles, awer e gudden Deel kéint hei zu Lëtzebuerg investéiert ginn, wou mer eis Aarbecht géifen heiheem selwer leeschten, déi Suen hei investéieren.

Et ass dach en Dossier, dee wierklech net esou eng Eestëmmegkeet hei am Land huet, mä dee vu ganz ville Leit contestéiert gëtt. Wann eng Regierung elo nach higeet a si refuséiert - si refuséiert! - fir dat, wat se do négociéiert huet an ënner wat fir enge Konditiounen an ënner wat fir engem Präis se dat négociéiert huet, si refuséiert, fir dat public ze maachen, dat ass ganz einfach ee Skandal!

Mir wäerte selbstverständlech déi Motioun vun de grénge Kolleege matstëmmen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Gibéryen. An d'Wuert kritt elo den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Merci, Här President. E puer Wuert, fir ze soen, datt et evident ass, datt ech déi Diskussioun hei am léifsten net hätt, mä datt et awer gradesou kloer ass, datt déi Zilsetzungen, déi 1990 gesat gi sinn, wou mer op minus 28% vum CO_2 musse goen, datt dat Zilsetzunge sinn, wou et evident a kloer ass, datt mer se net wäerten erreechen.

Mir hunn haut vill erreecht, andeem mer an deem leeschte Joer minus 9% respektiv minus 11% - deemno, vu wat fir enger Basis aus gerechent gëtt - gemaach hunn. Et bleift awer nach, datt mer och an deenen nächste Joren, egal wéi vill Effortë mer elo maachen, mussen op d'Mechanismen zréckgräifen, esou wéi se am Kyoto-Vertrag virgesi sinn, fir eng ganz Rei Rechter akafen ze goen.

Ech wëll elo net hei opzielen, wéi d'Resultater vun anere Länner sinn, wann ech d'Reduktioune kucken. Mä ech wëll awer soen, datt, wann ech am Allgemengen dat net mat eisen Ziler, déi mer eis gesat hunn, vergläichen, mä mat de pure Resultater, datt dat, wat mer erreecht hunn, awer komparativ zu anere Länner op deemselwechten Niveau ass.

Ech wëll awer och soen, datt, wa mer mussen akafe goen - an dat musse mer, wéi och ëmmer -, dann huet een e puer Méiglechkeeten, fir dat ze maachen. Et huet een d'Méiglechkeet, fir iwwert d'CDMen akafen ze goen, dat heescht, akafe vu Projeten, déi dann haaptsächlech an Drëttweltlänner gemaach ginn. Et huet een d'Méiglechkeet, fir op sougenannten „Jointimplementation"-Projeten ze goen. Dat heescht, mat anere Länner mécht een eppes zesummen. Et huet een d'Méiglechkeet, fir a Carbone-Fongen anzekafen, an et huet een d'Méiglechkeet, fir Rechter vun anere Länner, déi se net gebraucht hunn, ze kafen, mat oder ouni GIS-Schema, dat heescht Ergréngungsschema oder Vergréngungsschema duerno - wéi och ëmmer. Déi Méiglechkeeten huet een. Déi Méiglechkeete sinn och tel quel am Kyoto-Vertrag virgesinn.

An elo muss ech - zu deem, wat den Här Gira seet - awer en Ënnerscheed maachen op dat, wat hien den „Marché européen des droits d'émission" nennt, wat e Marché ass, deen haaptsächlech, esou wéi en an der Terminologie verstane gëtt, e Marché zwësche private Leit, privé à privé oder Entreprisen an Entreprisen, ass. Do gëtt et eng Bourse. An där Bourse sinn effektiv sämtlech Chiffere public. Mä Dir wësst awer net, wann do Akeef gemaach ginn, wie wat zu wat fir engem Präis keeft. Dat ass deen een Aspekt.

An dat däerft Der net verwiessele mat deem, wat hei elo vun der Regierung gemaach gëtt, wat u sech Kontrakter sinn, déi näischt mat deem sougenannten „Marché européen des droits d'émission" ze dinn hunn, mä wat Kontrakter sinn, déi gemaach ginn, fir eenzel Type vun esou Projeten, sou wéi se am Kyoto-Vertrag virgesi sinn, och ze maachen.

Wa mer en CDM kafen - well ech och dovunner wëll schwätzen -, da gëtt e Projet engagéiert zu engem Moment, wou een nach net kennt, wat fir eng CERen, dat heescht, wat fir eng Certificat-de-réduction-d'émissionen dee Projet wäert hierginn. An da ginn Négociatiounen an individuell Kontrakter gemaach, also net op enger Bourse an net op engem Marché. An déi Präisser gi festgesat no verschiddene Klauselen: divers Risques de non-génération, den Typ vum Projet, de Pays hôte an d'Konditiounen, wéi bezuelt gëtt - direkt, duerno a Raten, spéider. Dat sinn déi Punkten, wou de Präis da fixéiert gëtt.

An hei stelle mer ganz einfach fest, datt op all deenen dote Punkten, wat Privatkontrakter sinn, déi gemaach gi si mat Leit, déi Projete maachen, och respektiv Projete verkafen iwwer en Emissiounshandel, do stelle mer fest, datt bei deene bal alleguerten, bei deene meeschten op jidde Fall, d'Confidentialitéitsklauselen ëmmer drastinn.

A wann ech kucken, wat fir eng d'Modellkontrakter sinn, déi vun deene Referenzorganismen ugebuede ginn, fir esou Kontrakter ze maachen - déi International Emission Trading Association oder IETA -, da gesäit een, datt och an deene Modellkontrakter, esou wéi jiddweree se ofschléisst, déi do Klauselen einfach virgesi sinn, esou wéi jiddweree se ofschléisst a wéi dee ganzen Handel gemaach gëtt.

Elo kann een dat richteg oder falsch fannen. An ech soen lech ganz kloer...

(Interruption)

Elo kann ech et och nach falsch fannen, mä wann et am Handel esou ass, datt deen Typ vu Kontrakt esou gemaach gëtt, a wann een am Ugebot just deen do Typ huet, dann huet een net vill Méiglechkeeten, fir en ze maachen. Wa mer wëllen uerdentlech a gutt Projete maachen - an ech kucken natierlech, wat fir eng Projeten do solle gemaach ginn -, da muss ech dee Basiskontrakt, esou wéi en als Modell op der ganzer Welt och gemaach gëtt, da muss ech deen och mat an déi Négociatiounen do eranhuelen an en och zu engem Deel akzeptéieren.

Wann ech dann d'Aarhus-Konventioun kucken, wou vun Transparenz jo geschwat gëtt, notamment am environnementale Gebitt, da gesinn ech och do, datt an dem Aarhus-Pabeier esou Clauses de confidentialité méiglech sinn, méiglech gemaach gi „pour intérêts personnels et commerciaux". Dat gesäit souguer déi Konventioun vir, déi also fir Transparenz am Ëmweltsecteur schwätzt.

An dës Motioun unzehuelen, wär zu engem groussen...

(Interruption)

Mä mir schwätzen och mat private Leit hei.

Esou eng Motioun unzehuelen, géif eis also an all deenen Négociatiounen, déi mer kéinte maachen, extrem anengen.

Wann d'Transaktiounen direkt mat Länner gemaach ginn, ech mengen déi Transaktiounen, déi elo gemaach ginn, Dir wësst de Präis elo: 30 Milliounen, also am Ganzen aacht Euro d'Tonn. Dir hutt all déi Donnéeën. An an enger éischter Etapp hu mer eng Clause de confidentialité. Dat war awer duerno public, esou datt ech se och an der Question parlementaire lech beäntwert hunn.

Aner Länner maache genau datselwecht. Spuenien, Éisträich, Portugal, Holland, Belsch, Irland, Japan hu mat Länner esou AAUen, wéi dat da genannt gëtt, mat „green investment scheme", wéi mir se maachen och gemaach an där leschter Zäit. Fir déi, déi ëmmer soen, mir wären déi Eenzeg an Europa an op der Welt, déi esou Kontrakter géife maachen - déi Kritik koum och aus Ären européesche Reien -, duerfir wollt ech dat och eng Kéier ganz kloer hei soen.

Da soen ech och nach eng Kéier hannendrun, datt ech evidenterweis der Meenung sinn, datt Lëtzebuerg wäert bei all deene Kontrakter, déi mer maachen, insistéieren, fir keng Clause de confidentialité dranzekréien, notamment, wa mer déi Méiglechkeet hunn a wa mer an Zukunft mat Länner diskutéieren. Mir insistéiere ganz staark, datt mer do keng Clause de confidentialité kréien.

Mä et ass gradesou evident, dat wëll ech awer och dem Här Gibéryen soen: Mir hunn hei an der Chamberskommissioun all déi Zuele vun all deene Kontrakter - a mir hunn der jo ganz vill gemaach - op den Dësch geluecht. Mir hunn der Chamber d'Méiglechkeet ginn - well dat ass jo dat, wat Der reprochéiert hutt -, all déi Kontrollen, déi Dir als Chamber fir d'Finanzéierung musst kënnen hunn, fir déi ze exercéieren. Wann Der se wëllt, kritt Der se nach gär eng Kéier. Dir hutt se alleguerten. An Dir kënnt eis net reprochéieren, datt mer keng...

(Interruptions)

...als Chamber, wat Är Roll ass, Är Kontrollfonctioun kënnt exercéieren.

Ech hu wéinst deene Confidentialitéitsklauselen den Artikel, deen am Reglement vun der Chamber virgesinn ass, den 22 (9) gefrot, well ech dorunner gebonne sinn. Mä Dir hutt all Méiglechkeeten, all Detailer, all Komma, deen an deene Kontrakter steet, selbstverständlech fir de Besoin vun der Chamber ze kréien an d'Regierung, esou wéi dat virgesinn ass, och evidenterweis ze kontrolléieren.

M. le Président.- Merci dem Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler fir déi Explikatiounen. Da kéime mer elo zur Ofstëmmung iwwert déi Motioun.

Vote sur la motion

D'Ofstëmmen...

(Interruption)

Wat gelift? Jo, jo. D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun ass verworf mat 39 Nee-Stëmmen, géint 19 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Henri Kox;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Lucien Clement), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol).

Da kéime mer elo zum Projet de loi 6213 iwwert déi fräiwëlleg Participatioun um EMAS-System. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech ageschriwwen - den Här Berger zitt sech zréck -, da wär just nach den Här Gira ageschriwwen.

Da kritt elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

3. 6213 - Projet de loi portant certaines modalités d'application et sanction du règlement (CE) n°1221/2009 du Parlement européen et du Conseil du 25 novembre 2009 concernant la participation volontaire des organisations à un système communautaire de management environnemental et d'audit (EMAS), abrogeant le règlement (CE) n°761/2001 et les décisions de la Commission 2001/681/CE et 2006/193/CE

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleienden éischte vu véier Projeten haut de Mëtteg reit sech an déi ganz laang Rei vu Gesetzer am Ëmweltschutz an, déi mir an de leschte Joren am Kontext vun der nohalteger Entwécklung gestëmmt hunn. Et geet ëm verschidde Modalitéite bei der Applikatioun vun dem européesche Reglement N°1221 aus dem Joer 2009.

Doriwwer eraus ginn och Sanktioune festgeluecht, wann ee géint d'Uwendung vun deem Européeschen Ëmweltmanagement- an Auditsystem, EMAS genannt, verstéisst.

E kuerze Bléck zréck weist eis, dass den EMAS den 29. Juni am Joer 1993 als ee Konzept vir-

gestallt ginn ass. Dat war deemools an der Suite vun den Décisiounen am Kader vun der Rio-Konferenz am Joer 1992. Dës Veruerdnung sollt eng fräiwëlleg Participatioun vun den Entreprisen an der Europäescher Unioun mat Bléck op den Ëmweltmanagement an d'Ëmweltkontroll ervirruffen.

Den EMAS war an ass haut nach e fortschrëttlecht Instrument mat Bléck op d'Ressourcëschounung an d'Ëmweltbewosstsinn. Den 11. Januar 2010 ass mat der EU-Veruerdnung 1221, och EMAS 3 genannt, ee méi performant Instrument a Kraaft getrueden.

Den delegéierten Nohaltegkeetsminister huet de Projet de loi de 26. Oktober d'lescht Joer an der Chamber déposéiert. Mir hunn d'Avisë kritt vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Salariés, an de Statsrot huet säin éischten Avis den 1. Februar dëst Joer eragereecht. De 16. Februar ass de Projet de loi mat allen Avisen an der Kommissioun analyséiert ginn. An den 2. Mäerz sinn eng Rei vun Amendementer ugeholl ginn. Den 8. Abrëll huet de Statsrot säin Avis zu dësen Amendementer ofginn. An de Rapport ass den 11. Mee eestëmmeg ugeholl ginn.

Am virleiende Projet de loi gëtt festgehalen, welch Kompetenzberäicher dem Ëmweltministère, der Ëmweltverwaltung an dem lëtzebuergeschen Normalisatiounsbüro, dem ILNAS, zougestane ginn. Doriwwer eraus soll och en interministerielle Grupp geschafe ginn, deen den Ëmweltministère a sengen Décisiounen am Zesummenhang mat der Applikatioun vun dem EMAS berode soll.

An deem Zesummenhang ass et interessant, drop hinzeweisen, dass et momentan 6.000 Entreprisen an der Europäescher Unioun gëtt, déi en EMAS-Label féieren. Dogéint gëtt et awer ronn 35.000 Entreprisen, déi déi méi einfach Ëmweltschutzversioun, den ISO 14001, ëmsetzen.

Mir dierfen net vergiessen, dass den EMAS méi ëmfangräich wéi den ISO 14001 ass, well d'Betriber, déi den EMAS aféieren an och behale wëllen, fir d'Éischt e prezisen Ëmweltaudit erstelle mussen, eng Ëmweltdeklaratioun schreiwen a sech dach enger strenger Ëmweltpréiwung ënnerwerfe mussen. Da musse si och de Bierger aus der Gemeng, wou si implantéiert sinn, an och deenen aus den Nopeschgemengen Asiicht an hiert Ëmweltverhalen zougestoen.

Ee leschte wichtege Punkt sinn och d'penal Strofen, déi e Betrib ka kréien, dee géint de Geescht vum EMAS verstéisst. Well am Ufank déi maximal Strof op 50.000 Euro festgesat war, huet de Statsrot eng Opposition formelle gemaach. Dee Montant ass doropshin op 12.500 Euro erofgesat ginn.

Leider hu mir hei am Land kee Betrib méi, deen den EMAS-Logo féiert. No den Aussoe vun der Regierung soll awer dat Europäescht Parlament um Kierchbierg sech elo den EMAS erëm zouleeën. Vläicht kënne mir vun hei aus aner Betriber fir eng verstäerkte proaktiv Ëmweltpolitik ureegen.

E lescht Wuert nach. Niewent dem EMAS, deen ech elo grad kuerz virgestallt hunn, gëtt et zënter dem Joer 2006 nach méi eng performant Versioun: de sougenannten Nohaltegkeetsmanagementkonzept, EMASplus genannt. Hei läit deeselwechte Prinzip wéi bei dem EMAS vir, awer bei dem EMASplus ginn och nach d'Aspekter vun der Wirtschaft an dem Soziale mat eran implementéiert. Op déi Manéier kann et zu enger Vernetzung mat dem Qualitéitslabel ISO 9001 kommen.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, ech konnt lech mat dëse puer Bemierkungen aus dem Rapport iwwerzeegen, dësem Projet de loi gréng Luucht ze ginn.

Den Accord vun der CSV bréngen ech schonn eran a soe Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Oberweis. Den Här Gira huet nach d'Wuert gefrot dozou.

Discussion générale

M. Camille Gira *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Just ganz kuerz: Mir wäerte selbstverständlech dëse Projet och stëmmen. Ech wollt awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass et vläicht e bësse symptomatesch ass, dass bei deenen Dausenden an Zéngdausende Betriber, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, net een - net een! - Betrib de Moment bei där awer international ganz héich unerkannter EMAS-Zertifizéierung derbäi ass.

Ech froe mech, ob et net ganz e bëssen awer mat där verfeelter Ëmweltpolitik vun deene leschten 20 oder 25 Joer ze dinn huet. Oder virun allem, no Diskussiounen, déi ech de Moien am Kontext Klimapartenariat hat, an Informatiounen, déi ech aus der Wirtschaftskommissioun kritt hunn iwwert déi nei Direktiv iwwert d'Akzisen, schéngt dat mer haut nach net besser ze sinn: Nämlech, dass et keng kohärent Politik ass a keng Verflechtung tëschent der Ëmweltpolitik an der Wirtschaftspolitik, an dass zu Lëtzebuerg leider souwuel an eenzelne politesche Kreesser wéi vläicht och nach an eenzelne wirtschaftleche Kreesser nach ëmmer net erkannt ass, dass d'Zukunft net dra besteet, dass ee Wirtschaft an Ekologie géinteneen ausspillt, mä dass een déi zwee verknëppt a seng eege Wirtschaft a säin eegene Betrib esou opstellt, dass en och nach am postfossilen Zäitalter wirtschaftlech kann iwwerliewen.

An ech ka mech net erënneren op jidde Fall, dass iergendeng vun deene viregte Regierungen eng Kéier eng Campagne gemaach hätt, fir dass méi Lëtzebuerger Betriber an déi Zertifizéierung do géifen eragoen.

De fréiere Statssekretär seet mer hei eppes aneschters. Dann huet en dat awer vläicht ganz diskret gemaach, bis an d'Öffentlechkeet…

(Interruption)

Gelift?

(Interruption)

M. Eugène Berger *(DP)*.- …mir haten och e Betrib, deen den EMAS hat, deen e leider haut net méi huet.

M. Camille Gira *(déi gréng)*.- Jo, op jidde Fall hat den Här Berger et dann emol fäerdeg bruecht, ee Betrib dozou ze kréien. Dee schéngt dann och erëm vun där Zertifizéierung ofgewach ze sinn.

Et ass bedauerlech, an et huet dann och kee Wäert, dass e Wirtschaftsminister probéiert, Lëtzebuerg als Ëmweltstanduert oder Biotechnologiestanduert unzeginn. Wann Dir muer Chef d'entreprise wäert an Dir wéilt an dee Beräich higoen, géift Der bestëmmt net an e Land goen, wou Der wéisst, dass Der vläicht deen eenzege Betrib wäert, deen esou géif denken. Wann Der anzwousch géift higoen, géift Der net anzwousch an eng Regioun oder e Land goen, wou net ee Betrib déi EMAS-Zertifizéierung hätt.

Do gesäit een e bëssen un deem Beispill, dass nach villes ze maachen ass. Dat wollt ech just zu dësem Projet soen.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Gira. Den delegéierten Nohaltegkeetsminister wëllt näischt méi dozou soen. Da wär dee Moment d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi N°6213 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Raymond Weydert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Henri Kox;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6241 iwwert d'Substanzen, déi d'Ozonschicht schiedegen. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht an et ass kee Riedner ageschriwwen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, nach eng Kéier den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Une voix.- Très bien!

4. 6241 - Projet de loi portant exécution et sanction du règlement (CE) n°1005/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 relatif à des substances qui appauvrissent la couche d'ozone

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, de virleienden zweete Projet de loi vun de Mëtteg behandelt d'Aspekter vun der Ozonschichtverdënnung, oft dobaussen als „Ozonschichtlach" duergestallt.

Den delegéierten Nohaltegkeetsminister huet de Projet de loi de 25. Januar dëst Joer an der Chamber déposéiert. Dës Kéier waren et d'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, déi hiren Avis ofginn hunn. De Statsrot huet säin Avis de 17. Dezember 2010 ofgeliwwert.

De 16. Februar ass de Projet de loi mat allen Avisen an der Chamberskommissioun analyséiert ginn. An den 2. Mäerz sinn eng Rei vun Amendementer ugeholl ginn. Dat bedéngt erëm eng Kéier, dass de Statsrot een neien Avis geschriwwen huet. Dee konnt awer den 11. Mee an der Chamberskommissioun analyséiert ginn, an de 25. Mee ass de Rapport eestëmmeg ugeholl ginn.

Et soll duerch dëse Projet de loi dat europäescht Reglement 1005 aus dem Joer 2009 an nationaalt Recht ëmgesat ginn, dat sech mat de Substanze beschäftegt, déi d'Ozonschichtverdënnung ervirruffen.

Dës Aktioune stellen e weidere Meilesteen op dem Wee vun dem Protokoll vu Montreal aus dem Joer 1987 duer. Deemools ass e contraignanten, multilateralen Ëmweltvertrag am Zesummenhang mat dem Ofbau vun der liewenswichteger Ozonschicht geschriwwe ginn. Deen ass zu Wien de 16. September 1987 ënnerzeechent ginn an den 1. Januar 1989 a Kraaft getrueden.

De Vertrag hat sech zum Zil gesat, all déi Mesuren ze ergräifen, fir déi mënschlech Gesondheet an d'Ëmwelt virun de schiedlechen Auswierkungen ze schützen, déi duerch den Asaz vu gëftege Substanze wéi den FCKWen ervirgeruff ginn.

D'Klimawëssenschaftler hunn an de 70er Joren an an den 80er Jore vum leschte Jorhonnert festgestallt, dass dës Substanzen eng negativ Auswierkung op d'Ozonschicht iwwert dem Südpol a spéider och iwwert dem Nordpol haten. Et koum déi berechtegt Angscht op bei de Mënschen, dass sech den Hautkriibs géif propagéieren.

D'Emissioune vu chlor- a bromhaltege Chemikalien, déi dat stratosphäreschT Ozon zerstéieren, sollten duerch dëse Protokoll verbuede ginn. Dozou gehéieren ënner anerem d'Halogenkuelewaasserstoffer, wéi de Freon an d'FCKWen. Net erfaasst gouf deemools awer den Distickstoffoxid, de Lachgas.

Ech wëll hei nach kuerz op déi stratosphäresch Ozonschicht agoen. Si wierkt an der Héicht vu 15 bis 40 Kilometer iwwert dem Äerdbuedem wéi eng onsichtbar Protektioun géigeniwwer der Ultraviolettstrahlung UV-B vun der Sonn. Si filtert do uewen dee gréissten Deel vun der Strahlung eraus, déi fir Mënsch an Ëmwelt schiedlech kéint sinn. Den Aussoe vun de Klimawëssenschaftler no muss een dovun ausgoen, dass déi original Stäerkt vun der Ozonschicht iwwert dem Südpol erëm hire fréiere Wäert kritt am Joer 2065.

Als eng Tatsaach gëllt haut dofir, dass déi atmosphäresch Konzentratioun vum CO_2 an dem Lachgas tëschent 1979 an 2009 permanent gewuess ass. Och hëlt d'Konzentratioun vum Methan permanent zou. Nëmmen déi vum FCKW hëlt of duerch de Vertrag vu Montreal.

Well deem esou ass a well d'Gefore fir d'Mënschen an d'Ëmwelt net méi kleng ginn, sinn an de Joren 2007 an 2008 weider Konferenzen zu der Konklusioun komm, dass méi drastesch Mesurë fir d'Reduktioun geholl musse ginn. A well mëttlerweil schonn aner, manner schiedlech Produkter um Maart sinn, muss alles ënnerholl ginn, dass déi geféierlech Substanze verschwannen.

Déi Akzenter sinn am europäesche Reglement 1005 aus dem Joer 2009 festgehale ginn. Ech verweisen dofir op d'Detailer am schréftleche Rapport.

De Projet de loi gesäit eng Rei vu Mesurë vir. Et gëtt gesot, dass d'Entreprisen an och hiert Personal, déi Aktivitéite mat dëse geféierleche Substanzen duerchféieren, ee Certificat virweise mussen, dee si berechtegt, mat dësen ëmzegoen. Et gëtt och preziséiert, dass systematesch Kontrolle vu vereedegtem Personal aus de Verwaltungen um Terrain duerchgeféiert kënne ginn. Déi Anlagen, wou dës Substanzen an den Asaz kommen, gi permanent kontrolléiert.

Wann dann e Betrib géint dës Bestëmmunge verstéisst, da kann d'Genehmegung entweder entzu ginn oder de Betrib muss bannent zwee Joer déi néideg Schrëtt zur Verbesserung aféieren. Ee wichtege Punkt, deen agrééierten Associatioune gëllt, erlaabt hinnen, eng Klo ze erhiewen, wa si feststellen, dass eng Entreprise géint de Geescht vum Gesetz verstéisst.

Dass hei Neel mat Käpp gemaach ginn, beweist eleng schonn d'Tatsaach, dass eng Entreprise ënner anerem am Fall vun engem Feelverhale mat penale Strofe bis zu 500.000 Euro rechne muss.

Well sech d'Ëmweltverwaltung dëser neier Aufgab unhuele muss, läit et domat op der Hand, dass si sech mat neie Mataarbechter verstäerke muss, ënner anerem mat Ingénieuren.

Lëtzebuerg huet bis elo all déi Verbesserungen am Protokoll vu Montreal matgedroen, an ech bieden lech, och dësem Protokoll Ar Zoustëmmung ze ginn. Déi vun der CSV-Fraktioun bréngen ech eran a soe Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- An nach eng Kéier Merci dem Här Rapporteur Marcel Oberweis. Dat war wéi ëmmer ganz kloer. Do ass sécherlech näischt méi derbäizefügen. Da géife mer direkt iwwert dee Projet de loi ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Projet de loi N°6241 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Lucien Clement), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Henri Kox;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6242 iwwert d'Installatiounen, déi Gaz à effet de serre fluorés enthalen. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht, an och hei huet kee Riedner sech ageschriwwen. An och hei kritt d'Wuert elo de Rapporteur vum Projet de loi, nach eng Kéier den honorabelen Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

5. 6242 - Projet de loi portant exécution et sanction de certains règlements communautaires relatifs aux installations contenant certains gaz à effet de serre fluorés

Rapport de la Commission du Développement durable

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, wéi gesot, de virleienden drëtte Projet de Mëtteg behandelt dann d'Installatiounen an d'Apparater, an deenen Dreifhausgasen op der